



Groupe parlementaire

N° 7506  
Entrée le 25.01.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 26.01.2023

Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Januar 2023

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Den Europäesche Geriichtshaff huet an enger Pressematdeelung vum 12. Januar 2023 betreffend d'Urteil vum EuGH an der Affär C-395/21 matgedeelt, datt Affekoten an Zukunft hire Clienten en Devis ausstelle mussen, well hir Rechnunge soss net kloer a verständlech genuch fir de Konsument kéinte sinn. An der Pressematdeelung heescht et:

*« La Cour constate qu'une clause d'un contrat de prestation de services juridiques fixant le prix selon le principe du tarif horaire, en l'absence d'informations préalablement communiquées au consommateur lui permettant de prendre sa décision avec prudence et en toute connaissance des conséquences économiques qu'entraîne la conclusion de ce contrat, ne répond pas à l'exigence de rédaction claire et compréhensible au sens de droit de l'Union. »*

An deem Zesammenhang hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Kann d'Madamm Minister Informatiounen dozou ginn, wéi dëst Urteil vum Europäesche Geriichtshaff zu Lëtzebuerg ëmgesat wäert ginn?
- 2) Verfüügt d'Madamm Minister iwwer Informatiounen doriwwer, wéi de Barreau zu dëser Decisioun steet?
- 3) Ginn et Iwwerleeunge bei der Regierung, fir e Sträitwäert ze fixéieren, deen d'Affekotekäschte kloer regléiert? Wann nee, wéi eng Argumenter schwätze géint dës Iddi?
- 4) Gëtt dru geduecht, fir hei am Land eng Tabell vun den Alimenter festzesetzen? Wann nee, wéi eng Argumenter schwätze géint esou eng Mesure?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding  
Deputéierten